

## Rapport Referees' Commission – 19.03.2019

Uwiesend: Geib, Weber, Keiffer F., Frieseisen, Weinzierl, Frieden, Nesser  
(Présent) (Simonelli iwwer Telefon fir Divers, *Simonelli par téléphone pour Divers*)

Entschëllegt: Simonelli, Pascalicchio  
(Excusés)

- 1) Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 12.02.2019  
(*Adoption du rapport de la Refcom du 12.02.2019.*)
- 2) Demissioun Jeannot Ney. D'RefCom bedauert d'Demissioun vun hirem President. Mir soen dem Jeannot e grouse MERCI fir all seng Aarbecht an Ënnerstëtzung a wënschen him alles Guddes fir Zukunft, an der Hoffnung hien awer nach an der enger oder anerer Hal ze gesinn. RefCom proposéiert dass den Roger Frieseisen des Charge interim iwwerhëlt, bis dass den CA een neie President agesat huet.  
(*Démision Jeannot Ney. La Refcom regrette la démission de son président. La Refcom le remercie pour son travail et son support et lui souhaite le meilleur pour son avenir et l'espoir de se revoir pour l'une ou l'autre occasion. La Refcom propose que Roger Frieseisen assure les charges intérimaires jusqu'à ce que le CA désigne un nouveau président.*)
- 3) Echange mam Rheinland/Saarland (*Échange avec la Rhénanie-Palatinat*)  
Eng éischt Reunioun war den 20.02 mam HVR zu Tréier (Rapport am Annexe). Et war e gudden Austausch wou schonns vill gekläert gouf. Den 8.4. ass déi nächst Versammlung, wou och Verrieder vum Saarland dobäi sinn, fir den Austausch vum Schluss vun der Saison festzeleeën.  
(*Une première réunion a eu lieu le 20 février 2019 avec le HVR à Trèves (rapport en annexe). L'échange était constructif et beaucoup de points ont été clarifiés. La prochaine réunion en présence des représentants de la Sarre est prévue le 8 avril 2019. Lors de cette réunion, l'échange de fin de saison sera fixé.*)
- 4) D'RefCom ënnerstëtzt d'Aarbecht vun der Statutekommissioun a begréisst d'Ännerunge vum Strofekatalog. Detailler sinn am Gaang ausgeschafft ze ginn, a wäerten op der nächster AG presentéiert ginn.  
(*La Refcom apporte son soutien au travail de la Commission statutaire et salue les changements au catalogue des amendes. Les détails sont en élaboration et seront présentés lors de la prochaine AG.*)
- 5) D'RefCom deelt nach eng Kéier mat, dass de Francis Keiffer als Representant vun der RefCom fir den Interreg/Jugendkommissioun disponibel ass, a freet dass de Programm Arbitrage-Interreg (wien,wou,wéini,..) am Virfeld mat him koordinéiert gëtt. Fir den Turnéier zu Bettembourg (7.4.) sinn 2 Arbitter-Koppelen disponibel. Am Noutfall kann nach eng 3. Koppel moies asprangen.  
(*La Refcom informe à nouveau que M.Francis Keiffer est disponible comme représentant de la Refcom pour le Interreg/Commission des Jeunes et demande à ce que le programme Arbitrage-Interreg (qui?quand?où?) soit au préalable coordonné avec lui. Pour le tournoi à Bettembourg (7 avril) 2 couples d'arbitres sont disponibles. En cas d'urgence un 3e couple peut intervenir en matinée.*)  
Fir weider Turnéier an aneren Hale si leider keng Arbitter méi do. (*Pour d'autres tournois dans d'autres halls, il n'y a malheureusement plus d'arbitres disponibles.*)  
Och wäert d'RefCom 2 Deleguéeen op den Turnéier schécke fir mat den Arbitter ze schaffen. (*La Refcom enverra 2 délégués au tournoi pour travailler avec les arbitres.*)

- 6) D'RefCom wëll nach eng Kéier festhalen, dass all Arbitter seng Ufroen wat den Arbitrage ugeet, **ausschliesslech** un d'RefCom schéckt, déi d'Uleeën dann un déi richteg Adress weiderleet.  
*(La Refcom tient à préciser à nouveau que les demandes des arbitres doivent être adressées **exclusivement** à la Refcom, qui les transmettra à la bonne adresse.)*  
D'Besetzungskommissioun wëll d'Arbitter och informéieren, dass si alles maache fir Matcher gerecht op all Koppel ze verdeelen, dëst awer aus diverse Grënn net ëmmer méiglech ass (Disponibilitéit A-Arbitter, Lizenz an engem Veräin, net ëmmer déi selwecht Equippen, asw.).  
*(La Commission de désignation des matches informe qu'elle essaie de répartir d'une manière équitable tous les matchs entre les différents arbitres, mais que cela n'est pas toujours faisable pour diverses raisons (disponibilité arbitres A, licence dans un club, pas toujours les mêmes équipes, etc.).)*  
An deem Sënn ginn d'Arbitter gebieden sech mat Remarken a Kritiken (wien, wéini, wat päift) zeréckzehalen. Léisungsvirschléi sinn natierlech ëmmer wëllkomm.  
*(Dans ce contexte, les arbitres sont priés de s'abstenir à faire des commentaires et critiques (qui?quand?a sifflé quoi?). Des propositions d'amélioration sont évidemment bien reçues.)*
- 7) D'RefCom hat 2 Informatiounsversammlunge iwwert den Ref\_Perf\_Report organiséiert. Bis op 3 Clibb waren d'Equippen all vertraueden. D'Vertrieder vun de Clibb hunn d'Informatiounen positiv ugeholl. De Cours ass wéi ugefrot um Site vun der FLH ze fannen: <https://www.flh.lu/arbitrage/performance-reports>  
An de leschten Rapporten ass de positiven Effekt vun deene Versammlungen schonn ze spieren.  
*(La Refcom a organisé 2 réunions d'information sur le Ref\_Perf\_Report. À part 3 clubs, toutes les équipes étaient présentes. Les informations ont été accueillies positivement par les représentants des clubs. Les cours se trouvent sur le site de la FLH : <https://www.flh.lu/arbitrage/performance-reports>. L'effet positif de ces réunions se fait déjà remarquer dans les derniers rapports.)*
- 8) Den nächste Schiidsriichterdag ass fir de WE vum 5. a 6. Oktober 2019 virgesinn. Weider Detailler kommen nach no.  
*(La prochaine journée de l'arbitrage est prévue pour le WE du 5 et 6 octobre 2019. D'autres détails suivront.)*
- 9) Nächst **obligatoresch** Formatioun fir Arbitter aus der AXA-League ass den 30.3.2019 vun 09h30 bis 12h00 an der Maison des Sports zu Stroossen. All déi aner Arbitter däerfen natierlech och deelhuele a sinn häerzlech wëllkomm.  
*(La prochaine formation **obligatoire** pour les arbitres de la AXA-League sera le 30 mars de 09h30 à 12h00 à la Maison des Sports à Strassen. Tous les autres arbitres peuvent participer et sont évidemment les bienvenus.)*
- 10) E neie Formulaire fir sech als Arbitter unzemellen kann elo um Site vun der FLH fonnt ginn. Sollten iergendanzwousch Kandidaten sinn, verweist si weg op folgende Link: <https://www.flh.lu/arbitrage/formation>  
*(Un nouveau formulaire d'inscription comme arbitre peut être téléchargé sur le site de la FLH: <https://www.flh.lu/arbitrage/formation>. Veuillez en informer d'éventuels candidats.)*
- 11) Nächst Versammlung ass de 16.04.2019 um 18h15 an der Maison des Sports zu Stroossen.  
*(La prochaine réunion aura lieu le 16.04.2019 à 18h15 à la maison des Sports à Strassen.)*

## ANNEXE :

Entrevue mam HVR: 20.02.2019 – Trier (*Entrevue avec le HVR le 20.02.2019 à Trèves*)

Present: Herbert Schuhmacher (HVR), Hermi Häring (HVR), Paul Nesser (FLH), Claude Weinzierl (FLH)

- D'Rheinland ass ganz positiv (eestëmmeg deen Owend am SR-Ausschoss entscheet ginn) agestellt fir en Austausch a schléit vir dat Ganzt bis an d'Saarland auszebauen. (*La Rhénanie est très positive vis-à-vis d'un échange et propose d'élargir le tout sur la Sarre (Vote unanime par la commission de la Sarre le soir même).*)
- Kontakt mam Saarland hu si schonn opgeholl. De Verantwortlechen do ass den Karl-Heinz Junkes, deen och ganz positiv de Lëtzebuerger entgéint ass an vill Matcher hei gepaff huet. (*Le contact entre la Rhénanie et la Sarre est déjà établi. Le responsable en Sarre est Karl-Heinz Junkes qui est très positif envers les Luxembourgeois et a sifflé beaucoup de matches au Luxembourg.*)

Festgehal gouf (*a été retenu*)

- Austausch op selwechem Niveau AXA vs. RPS oder 3. Liga (HVR huet eng Koppel bei der 3. Liga). (*Échange au même niveau AXA vs RPS ou 3. Ligue (La HVR a un couple en 3. Ligue).*)
- Et ginn am Ufank nëmmen AXA-H Arbitter vun eis geschéckt. (*Au début seulement des arbitres AXA-H seront envoyés*)
- Mir kréie vun hinnen RPS oder souguer falls disponibel 3. Liga Arbitter. (*On recevra si disponibles des arbitres RPS ou même 3. Ligue de leur part.*)
- Wann et gutt leeft, kéint dat ausgebaut ginn op aner Spillklassen. (*Si tout se passe bien, l'échange pourra être élargi à d'autres catégories.*)
- Et gëtt gekuckt ob een déi eng oder aner SR-Formatioun zesumme maache kéint. (*On verra si l'une ou l'autre formation arbitre avec le HVR est envisageable.*)
- Et soll ee sech regelméisseg an engem Ofstand vun 2-3 Méint treffen. Déi nächst Kéier soll d'Saarland och dobäi sinn. (*Des réunions devraient avoir lieu tous les 2 à 3 mois. La Sarre devrait participer également à la prochaine réunion*)
- Bezuelen (*Rémunération*):
  - o Däitsch Arbitter kréie bei eis den Equivalent vun engem RPS Match (Hären 50 – Damen 40) + 1x KmGeld (aktuell KM x 0,30€/km) – wéi dat bezuelt get kucke mir nach. (*Les arbitres allemands auront l'équivalent d'un match RPS (hommes 50€ - femmes 40€) + 1 x frais de route (actuellement : KM x 0,30€/km - on verra pour les modalités de paiement.)*)
  - o Eis Arbitter kréien an Däitschland dat selwecht direkt op d'Hand (50/40 + 1x KmGeld – aktuell Km). (*nos arbitres recevront la même chose cash en main en Allemagne (50/40 + 1 x frais de route – actuel).*)
  - o Fir den Ënnerscheid am Präis AXA op RPS reechen eis Arbitter eng Rechnung **bei der FLH** eran, déi dann iwerwise gëtt (50/35 + ~~dat 2. KmGeld~~)  
**Kompensatioun iwert de Compte commun Frais d'arbitrage H-AXA League PO Titre**  
(*Pour la différence de prix entre AXA et RPS nos arbitres doivent introduire une facture à la FLH qui leur sera viré (50/35 + 2. Frais de route)*)  
**Compensation à travers le Compte commun frais d'arbitrage H-AXA-League PO Titre.**)